

PL 6284 Traitement de données à caractère personnel concernant les élèves

Haerr President,

Dir Dammen an Dir Haerren,

Ech soen dem Rapporteur Ben Fayot villmools Merci fir säin exzellenten schrëftlechen an mëndlechen Rapport.

Ech félicitéieren den Ben Fayot awer virun allem fir seng kompetent, rouheg an gedëlleg Art a Weis wéi en d'Sitzungen vun der Edukatiounskommissioun an dësem Dossier-wéi iwrregens all Woch- leed.

Eischen Punkt. Dën Dossier Schülerdatenbank ass sécher een sensibelen Gesetzesprojet.

Et handelt sech em perséinlech Donnéeën vun méierendeels mannerjhaeregen Leit, vun Kanner.

Et ass u sech näischt komplett Neies wat mir machen.

Den *Fichier Scolaria* gëtt ët schons zanter méi wéi 10 Joër an der Grondschoul grad wéi den *Fichiers élèves* an de Lycéeen.

Déi Fichieren ginn elo an enger Datebank zesummegefuert.

D'Schülerdatenbank gëtt mat engem Gesetz geregelt. Nët wéi bis elo mat engem Règlement grand-ducal.

Et geht nët méi dass all Schoul, eenzel Enseignanten _aus dueraus gudd gemengten Grënn_ hier eegen Fichieren opstellen.

D'Sécherheet vun den Schülerdaten gëtt mat dësem Gesetz méi grouss.

D'CSV begréisst dat ausdrécklech.

D'Chamber décidéiert also mat, wat fir eng perséinlech Donnéeën zu wat fir engen Zwecker kënnen gespäichert an genotzt ginn.

Jiddfereen huet sech an Zukunft un een gesetzlechen Kader ze halen.

Mécht en dat nët, riskéiert en d'Sanktioun vun strafrechtlechen Bestëmmungen.

Zweete Punkt. D'CSV deelt d'*Finalitéit-also den Sënn an Zweck*- vun esou enger Datenbank.

Eischtens, d'Verbesserung vun der administrativer an pedagogescher Gestiou vun de Schüler, besonnesch an engem Schoukcontext deen vill evoluéiert.

Zweetens, d'Schafen vun besseren Rahmenbedingungen fir d'Qualitéit vun dem Enseignement an Zukunft kënnen ze plangen an ze préifen.

Haerr President,

Drëtten Punkt. An Zukunft ginn méi Schülerdaten gespäichert. Dat soll een och kloer soen. Et kënnen och méi Akteuren dës Donneen wéi bis elo kucken. Dat Ganzt muss an engem strikten Kader oflafen.

Do spillt de Schutz vun der Privatsphaer. Een Recht op Privatliewen wat an der Verfassung verankert ass.

Den Schutz vun den perséinlechen Donneen gëtt ausdrécklech och an der EU-Grondrechtcharta grad wéi och iwwert déi europäescher Mënscherechtskonventioun garantéiert.

Den Schutz vun dem Privatliewen kann nëmme duerch een Gesetz limitéiert ginn wann dës Aschraenkung noutwendeg ass fir engem héieren Intérêt vun der Gesellschaft ze dengen.

Et spillt ëmmer den Prinzip vun der Verhältnismëssegkeet.

Aus dene Grënn huet d'lëtzebuerger Datschutzkommissioun och gefuerdert dass d'Schülerdatenbank misst duerch een Gesetz geregelt ginn an op den Respekt vun der Verhältnismëssegkeet higewisen. D'CSV deelt dës kritesch mee konstruktiv Haltung vun der CNPD.

Véierten Punkt. Déi ganz sensibel Elementer sinn virun allem d'Späicheren vun enger Foto vun Schüler grad wéi d'Informatiounen iwwert den kulturellen, den sozioecomomëschen Millieu vun der Famill vum Schüler.

Op d'Akommeskategorie vun den Elteren muss erfaasst ginn, do sinn mir als CSV Fraktioun nët esou iwwerzecht. Dofir haten mir mat der ursprénglecher Fassung vun dem Projet de loi och eis Bedenken.

Dës Donneen ginn wäit iwwert dat eraus wat am Gesetz vun 2009 iwwert d'Grondschoul virgesinn war: nämlech de Respekt vun der Schoulpflicht, der Assiduitéit vun dem Schüler an dem Kontroll vum Erfüllen vun de Missiounen vun der Schoul.

D'CSV ass awer d'accord mat dem Gesetzesprojet esou wéi en elo virläit.

Mir deelen d'Usicht vun der Regierung fir méi Donneen ze späicheren.

D'Missiounen vun der Schoul haut ginn méi wäit ewéi dat nach fréier den Fall war. Et geht dofir net méi duer fir einfach nëmmen d'Coordonné'en vun den Schüler ze hunn.

D'Schoul muss haut der socio-kultureller Diversitéit vun hiren Schüler Rechnung droen. Eventuell Inegalitéiten mussen kënnen opgedeckt an och behewen ginn. All Schüler muss eng fair Chance kréien fir seng Schoul ze packen.

Den Schüler muss kennen individuell begleet ginn. Mir sinn dofir als CSV mat méi enger bredder Datenoplëschtung averstan.

Mee den Droit de regard wat mat den Donneen geschitt muss awer sécher gestallt sinn. En muss verstaerkt ginn.

D'CSV begréisst dofir, dass an deem Kontext den Gesetzprojet ausdrécklech op d'Applikatioun vum gesamten Dateschutzgesetz hiweist.

Fënnëften Punkt. Een Grondprinzip vum Dateschutzgesetz ass, dat all Traitement vun perséinlechen Donnée'en nëmmen mam Accord vun der concernéierter Persoun kann geschéien.

Obligatoresch mussen geliwwert ginn vun den Elteren an dem Schüler déi classesch Coordonné'en wéi Numm, Gebuertsdatum an Adresse, Telefonsnummer, Nationalitéit. Dobäi kënt nach eng Photo vun dem Schüler.

Wat awer elo d'Informatiounen iwwert den familiären Kader vum Kand an den Revenu vun den Elteren ugeet, esou mussen dës Informatiounen net obligatoresch geliwwert ginn.

De Refus vun Indikatiounen iwwert de kulturelle, familiären a professionnelle Milieu kann nët stroofrechtlech sanktionéiert ginn.

Liwwert eng Famill also keng Informatiounen iwwert hier Akommeskategorie dann zitt dat keng Konsequenzen mat sech.

D'Elteren sinn also fräi ze decidéieren op si wëllen dës Informatiounen ginn oder nët.

Daat ass fir d'CSV deen wesentlechen Punkt. Den urspruenglechen Gesetzesprojet gouf op dësem Punkt geannert.

Well et sech em een fräiwëllegt Liwweren vun denen sensibelen Donnéeën handelt, -an nët em eng Pflicht- kann d'CSV daer Bestëmmung zou stëmmen.

D'Verhaeltnisméissegkeet ass fir eis op dem Punkt erfëllt.

Haerr President,

Séchsten Punkt. D'Identifikatioun am Gesetz vun den Persounen déi Zougang zu dësen Donnée'ën hunn.

D'Gesetz iwwert d'Schouflicht vun 2009 schwätzt vun Donnée'ën déi zwëschent dem Educatiounsministère, den Schoulen an den Gemengen ausgetosch ginn.

Den Gesetzesprojet iwwert deen mir haut ofstëmmen erweidert den Krees vun Leit déi mat dësen Donnée'ën a Verbindung kommen.

Dat sinn déi klassesch Verwaltungen an Servicer, wéi d'Pensiouns-an Krankekeesen, den Educatiounsministär, de Familljeministär, d'Sozialversecherungen.

Si kréien all d'Donneen- also nët depersonaliséiert.

Op dozou och den CEPS-Insead muss derzou gehéieren, sief dohinner gestallt!

D'CSV begréisst, dass kloer am Gesetz festgeluegt ass wien iwwerhaupt bannent dem Staat Accès zu den Donnée'ën huet an zu wat fir engen Zwécker.

Et ass och gudd, dass d'Gesetz festleet dass muss waehrend 3 Joer kann no traçiert ginn- wien, wéini wat fir eng Donneen vun wiem gekuckt huet.

D'CSV wëllt dass all Moosnahmen getraff ginn, dass ët nët zu eventuellen Abusen kënnt.

Dofir müssen all Akteuren mat dësem System an sengen Sécherheetsbestëmmungen vertraut gemach ginn.

D'Sécherheetsmoossnahmen müssen och an der Praxis applizéiert ginn.

Mir brauchen eng Kultur vun dem Dateschutz an der Verwaltung.

Dat zielt virun allem fir d'Schülerdaten.

Et daerf keng zweeten geschicht médico-sportif méi ginn.

Een Verstouss gent den Dateschutz ass keen Kavaléiersdelikt.

Wann esou eppes geng vir kommen, besteht Denonciationspflicht –Artikel 23 vum Code d'instruction criminelle.

Dem Parquet müssen dann Ross und Reiter genannt ginn.

Administrativ müssen dann och déi néideg Konsequenzen gezunn ginn.

Eng eventuell Affair daerf nët ënnert den Teppech gekiert ginn.

D'CSV geht och dervun aus dass –mëttelfristeg-den einzelnen Schüler zu jiddfer Moment een Abléck kann hun, wat fir eng Donneen vun him zu wat fir engen Zwécker vun wem konsultéiert goufen.

Siewenten Punkt. Elo méi fein. Fir d'CSV Fraktioun ass et wichteg dass den Gesetzesprojet festleet, dass Donneen un Drëttpersonen-zum beispill fir Etudenzwecker- nëmmen depersonnaliséiert weider ginn.

D'Daten müssen esou depersonnaliséiert sinn, dass et nët méiglech gött d'Leit ze identifizéieren op déi dëss Données sech bezéien.

Achten an leschten Punkt. D'CSV Fraktioun begréisst ët, dass de Stockage vun der Photo vum Schüler nët iwwert den neidegen Zäitraum vun 2 Méint wou d'Schülerkaart « my card » an der Maach ass, méiglech ass.

Och hei gouf nogebessert an déi Endfaassung vum Projet de loi esou wéi se haut virläit, dréit allen Bedenken vun der Dateschutzkommissioun an dem Staatsrot op dem Punkt Rechnung.

D'Datenschutzkommissioun hat an hierem Avis kloër ënnerstrach dass dat een sensibelen Punkt wier well heizuland an kenger anerer Datenbank eng Photo vun Leit stockéiert gëtt, oder villméi daerf ginn.

D'Gemengen daerfen dat also och nët machen, obschon dat an enger oft gudd gemengter Absicht an eenzelnen Populationsbureauen-bis elo de Fall war.

Haerr President,

Dësen Gesetzesprojet gouf nët zu Onrecht am Ufank kritiséiert well en iwwert d'Ziel erausgeschoss huet.

De Projet gouf awer opgrond vun den Avisen vun dem Staatsrot an der Datschutzkommissioun adaptéiert. De Projet entsprécht an senger Endfassung elo den Standarden vun dem Datschutz.

D'Edukatiounsministesch war an dësem Dossier ganz kompromessbereed. Dat sollt gesot sinn. Dat verdengt Unerkennung.

D'CSV stëmmt dësen Projet.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.